N°3589
Entrée le 04.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.02.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/02/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Wirtschaft weiderzeleeden.**

D'Schwäizer Autoritéiten hunn d'Verméige vum fréiere venezuelaneschen Diktator Nicolás Maduro agefruer. D'Finanzaktiva an d'Suen, déi méiglecherweis illegal erwirtschaft goufen, kéinten dem venezuelanesche Staat iwwerwise ginn, fir esou dem venezuelanesche Vollek ze déngen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass der lëtzebuergescher Regierung bekannt, ob an a wéi engem Ëmfang Kapital oder Verméigen, dat mat dem fréiere Staatschef Nicolás Maduro verbonnen ass, zu Lëtzebuerg gehal gëtt oder registréiert ass?

2. Wéi steet d'Regierung zum Afréiere vun de Finanzaktiva vum fréiere venezuelaneschen Diktator a senger Regierung?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés